ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 22. Februar 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch weiderzeleeden.

Virun enger Rei vu Jore goufen opwenneg Mesuren zu Lëtzebuerg ageleet, fir de Fëschotter erëm bäi eis unzesidelen, dëst ënner engem landesiwwergräifende LIFE-Natur-Projet.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Ministesch:

1. Wéi vill huet d'Ëmsetze vun dëse Mesuren zu Lëtzebuerg kascht a wéi deelt sech dëse Montant op déi eenzel Regiounen vu Lëtzebuerg op?
2. Wéi vill kascht de jäerlechen Ënnerhalt vun dëse Mesuren zu Lëtzebuerg?
3. Ginn et Statistiken, wéi vill Fëschotter de Moment zu Lëtzebuerg liewen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique